# 58ten WM  Boot fëschen Novigrad Kroatien vum 30.09 bis 7.10.2023

*06.10.2023 Bericht vum Giovanni Micucci*

Ech wollt Iech awer nach vum Freideg Präisverdeelung an dem Ofschloss mat Gala Dinner berichten.



E Freideg war et dann mol erëm eng kéier wou mir eis konnten ausschlofen wat och ganz néideg war. Déi eng hunn Moies profitéiert d' Fëschermaterial ze botzen, déi aner sinn op der Tour gaangen den de Veranstalter organiséiert huet.

Eng Stonn Sonn tanken war och Mol eng kéier dran. Owes si mir dann op Präisverdeelung gaangen. Medailen si verdeelt ginn , et ass giess ginn an dat war et op der Platz. Duerno si mir nach an den Hafen gefuer an hunn eis gemittlech op eng Terrasse gesat an hunn ee Réckbléck vun der WM gemaach.

Ech kann vun menger Säit an och am Numm vun deenen aneren soen, dat et eng schéin WM war. Mir haten super Wieder an d' Stëmmung an der Equipe war super. Wéi schonn erwäänt war d' Resultat ne dat wat mir eis erwënscht haten.

Mir hunn eist Bescht ginn, a virun allem eis Sektioun vertrueden an Lëtzebuerger Land wat eng Éier fir eis war.

Op dëser Platz well ech dann Profitéieren vun mir aus en Decken Merci un déi Leit déi op dëser WM matgemaacht hunn, an heimat en groussen Respekt ausdrécke well.

Wéi scho gesot, waren mir nëmmen zu véier Fëscher an am Virfeld schonn gewosst war wat fir eng Platz zum Schluss eis erwaarden géif. Déi éischt sinn Lokalmatadoren Kroatien ginn virun Italien an Montenegro.

**Eenzelwäertung:**

Éischten Ivan Galzin Kroatien, virum Volpi Marco an Sikiric Marco.

Weider Resultater kënnt dir ënnert https://www.fips-m.org/

Gëschter moien si mir d' Heemrees ugetrueden an sinn owes gutt heiheem ukomm. Tessy an de André verbréngen nach en puer Deeg an Tirol. Vu mir aus nach en merci déi, déi eis Daumen gedréckt hunn an eis eis Berichter no verfollegt hunn.

Dat war et dann fir WM am Boot's Fëschen zu Novigrad a Kroatien 2023.

Merci an bis geschwënn.
Giovanni
Kapitän
Team Lëtzebuerg